

Well, if something in the air feels a little unkind Don't worry darling, it'll slip your mind

Nora Wagener

Geschter Moie sinn ech der hanndru gaangen. Wéi een dat nach heiando an ale Filmer gesait. Méi séier, wéi ech kucke konnt, hat ech dech aus den Ae verluer, waars de an engem Lift verschwommen. Ech hunn nach émmer keng Anung, wou genee s de schaffs, am Belval Plaza Shopping Center. Ech wäert dech och net dono froen. Wann s du mech net frees, wat ech wierklech all Dag um Belval op der Gare maachen. Net an d'Coursé goen. Nee, mech an d'Coursé schleefen a versichen, net énnerezegoen. Net un d'Bourse ze denken.

Wat ech mat Sécherheet weess, ass, datt se bei dir op der Schaff all Dag e Spill spillen, bei deem s de schonn als Kand ni matmaache wollts. Si ruffen: Eent, zwee, dräi – ech kommen! An da kommen se. An du méchs dech kleng. Spiers, datt se émmer méi no réckelen. An hoffs, datt se dain Häerzklappen net héieren. Dat has de mer verroden. Viru Wochen, wéi mer eis duerch Zoufall kenne geléiert hunn. Saitdeem lueden ech dech moies heiando op e Kaffi an. Ech mengen net, datt s de dech un eist Gespréich deemools erénners, oder erénnere wélls. Du sos: Réisch, wann s de no Feierowend d'Kummerdier hannert der zouméchs, fills de dech nees sécher. Du kanns der kee Studio leeschten, nach net. Sait s de mat uechtzéng vun doheem fort bass, wunns de an enger WG. Mat e puer Leit, deeinen et grad sou geet wéi dir.

A wéi se sech fréier futti geschafft hunn, op der Schmelz. Wéi se ouni Tuten a Blosen heiinher koumen. Deng Urgrousselteren. Immigranten. Wéi se déi nei Welt tonneschwéier op hirem Bockel gedroen hunn, dëst Land ráich gemaach hunn. Ouni hir Sacrificen. Ouni hir *hoart Oarbecht*. Schweess a Blutt. An deng Elteren: Wéi se vu fréier schwätzen, wéi si nach Kanner waren, d'Héichiewen hannert dem Haus. Wéi d'Männer an hirer Famill dringend gebraucht goufen. Bis se op eemol iwverhaapt net méi gebraucht goufen. Bis alles ofgegraast, bis se all krank waren. D'Männer.

Hautdesdaags um Belval: Avenue du Rock 'n' Roll. Saturn, Hotel Ibis, Esprit. Caféeen a Restauranter am *industrial design*. An eng High-class-Universitéit. Hannendrun déi stéllgeluechten Héichiewen, eise schéin ausgegliichte Patrimoine. „Eis Famille kruten náischt geschenkt. Mái Grousspapp war deemools op der Schmelz. Mir hunn eis eropgeschafft“, soen se houfreg. Déi, déi et gepackt hunn. Dat ass besonnesch an engem ráiche Land ewéi Létzebuerg wichteg ze betounen.

An du?

Bass vun engem Papp erzugginn, deen nach déi al Stébslong am Kapp huet, den Eisenäerz am Blutt. Hie seet: Deng Urgrousselteren hunn deemools ... fir datt mir et enges Daags besser ... Du kanns et net méi héieren. A senger Virstellung huet een et gepackt, wann ee sain Haus ofbezuelt kritt. Hie versteet d'Welt net méi. E puer Generationen drop soll den Dram schonn eriwer sinn? Du an deng Geschwëster wäerte mat Sécherheet ni e Prêt kréien, fir en Haus ze kafen. Bei anere Familljen ass dat dach gaangen. Dir hätt iech net genuch dru ginn, iech ze vill op




Illustration: Dan Altmann

der Strooss erémgedriwwen. Mir waren all op de Stroossen, Papp, mir hunn do mam Ball gespillt. Méi war et net. Dat wélls du him gäre soen. A villes méi. Du häls de Mond. Du weess ni, ob en net awer Recht huet. Ech kennen déi Geschicht. Waart nach e puer Joer. Et gëtt besser. Op d'mannst wéilt ech der dat gär verspriechen können.

Souwisou wéilts du néirens anesch wunnen. Du bass frou mam Minett. Frou, ee vun hiren Däpp ze sinn. Net wéinst deem ganze *Working-class-hero-Bullshit*. Einfach sou. Well s de hei grouss gi bass. Well s de dech hei doheem fills, trotz allem. Well et schéin hei ass.
Ech weess.

Sad Eyes

Every day here you come walking
I hold my tongue, I don't do much talking
You say you're happy and you're doin' fine
Well go ahead, baby, I got plenty of time
Sad eyes never lie
Sad eyes never lie

Well for a while I've been watching you steady
Ain't gonna move 'til you're good and ready
You show up and then you shy away
But I know pretty soon you'll be walkin' this way
Sad eyes never lie
Sad eyes never lie

Baby don't you know I don't care
Don't you know that I've been there
Well if something in the air feels a little unkind
Don't worry darling, it'll slip your mind

I know you think you'd never be mine
Well that's okay, baby, I don't mind
That shy smile's sweet, that's a fact
Go ahead, I don't mind the act
Here you come all dressed up for a date
Well one more step and it'll be too late
Blue blue ribbon in your hair
Like you're so sure I'll be standing here

Bruce Springsteen

(from the album „Tracks“, 1998)
© Sony Music Group/Eldridge

Zur Persoun

D'Nora Wagener, 1989 zu Létzebuerg gebuer, ass eng fräischaffend Schriftstellerin, déi virun allem op Däitsch schreift. Bis ewell si sechs Bicher vun hir erauskomm, dorénnner de Kuerzgeschichteband „Larven“, mat deem si 2017 de Servais-Préis gewonnen huet. Hir Texter goufe souwuel zu Létzebuerg ewéi och am Ausland scho méi ewéi eng Kéier priméiert. Déi rezentste Publikatioun vun hir ass de Band „Was habe ich verpasst“ (2021, Éditions Guy Binsfeld).

Die Serie

This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) und capybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei capybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

Tageblatt

LÉTZEBOERG

CAPYBARA

BOOKS

uni.
UNIVERSITÉ DU
LUXEMBOURG

C²DH
LUXEMBOURG CENTRE FOR
CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY